PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Op de Flughäfe JFK an Newark an den USA, goufen Teststatioune fir Schnelltester fir d'Passagéier a Betrib geholl. Hoffnung vun de Bedreiwer vum Flughafen ass, fir all Passagéier ze testen, iert en sech an de Fliger sëtzt, fir esou d'Verbreedung vum Virus duerch de Fluchverkéier ze verhënneren. D'Mesure soll och dozou bäidroen, de Léit d'Angscht virum ze Fluch huelen. An der Teststatioun um Findel kënnen sech d'Passagéier no der Arrivée teste loossen, fir esou ze verhënneren, dass si de Virus am Land verbreeden.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ass d'Asëtze vu Schnelltester an der Teststatioun um Findel geplangt?
   Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député